



FÉDÉRATION SAINT-HUBERT DES CHASSEURS DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG A.S.B.L.

Sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Grand-Duc

Organisation pour la Protection de la Nature agréée par arrêté ministériel du 3 octobre 2005

Bureau : 15, rue de l'École L- 9167 MERTZIG
Tél. 26 880 988 ou 621 294 453 Fax : 26 880 989

E-mail: info@fshcl.lu – Internet: www.juegd.lu ou www.fshcl.lu



Märzeg, den 31. Oktober 2018

Wat geschitt wann...

.. dann elo den éischte Fall am Labo bestätegt gëtt?

Ma da geschitt ob ongeféier dat selwecht wéi an der Belsch:

Ronderëm di Plaz gëtt eng „zone à haut risque“ definéiert déi bis 40 km² kann hunn. Si kann och duerch natierlech Hindernisser begrenzt sinn wéi z.B. eng Autobunn di agezenkt ass.

An der Zone ass absolut Juegdrou fir 3-4 Wochen. Och all aner Bewegungen an Aarbechten, wéi Bëschaarbecht, ginn ënnersot. Dat heescht et geet keen an déi Zone eran oder eraus ouni e gudde Grond. Am selwechte gëtt an der Zone verstärkt no doudege Schwäi gesicht.

Jee nodeem a wéi eng Joreszäit dat fëllt kann o decidéiert ginn, dass Friichten di nach um Feld stinn, net erageholl ginn.

Bannen deenen 3-4 Woche gëtt dann decidéiert wat geschitt. Jee nodeem wéi aggressiv de Virus ass, missten dann di meescht Schwäi scho futti sinn. Wa méiglech kann di Zone agegattert gi fir sécher ze sinn, dass alles dobanne bleift. Ass dat méiglech, ginn déi di bleiwen intensiv bejot, mat alle Mëttelen déi zur Verfügung stinn. Kann net zougemaach ginn, bleift déi Zone roueg. Ziel ass et ëmmer, dass kee Schwäin aus enger infizierter Zone fortkënnt.

Ronderëm di „zone à haut risque“ gëtt eng „zone infectée“ ausgewisen. Si ka bis 100 km² hunn jee nodeem wéi d'Landschaft et ausweist.

An dëser Zone muss gekuckt ginn ob et besser ass eng Juegdrou anzehalen oder ob een sech fir eng intensiv Usetzjuegd entscheet, dëst fir all Schwäin ze schéissen wat aus der Kärzone eraus well an och ze verhënneren, dass nei Schwäin an dëst Gebitt awanderen. All Bewegung an de Bëscher an dëser Zone solle vermidde ginn. All Kadaver gëtt gemellt an analyséiert.

Ronderëm di „zone infectée“ gëtt eng Pufferzon ausgewisen. Dat ass déi Zone déi bis un eis Grenz geet. D'Situatioun ass hei ähnelech wéi an der „zone infectée“. Ob Juegdrou oder net, Usetz oder Bewegungsjuegd hänkt vum Terrain a vun der Joreszäit of. Ass do haaptsächlech Standwäld oder wiesselen se vill? Wéi ass et mat der Bebauung? A Lëtzebuerg ass ee relativ séier an oder bei engem Duerf oder enger Stad, all dat muss berécksiichtegt ginn!

Esou laang just Wëllschwäin betraff sinn gëllen Richtlinnen di all Land kann upassen. Wa bis Hausschwäin betraff sinn, da ginn et strikt Reegelen vun der EU un déi een sech muss halen.

Wat ëmmer gelt ass:

- oppassen a sech bewosst sinn, dass een zu all Moment di Kränkt kann weiderdroen.
- wat manner Schwäin do sinn, wat d'Chance mi grouss ass, dat de Virus net esou séier viru kennt.
- Nëmme zesumme mam Jeeër ass di Situatioun ze meeschten. Hien kennt den Terrain an och d'Astänn an hien ass déi Persoun, déi d'Recht huet ze schéissen. Wa mer wëllen di Saach begrenze, wann se da bis kennt, da geet dat nëmme wann all eis Acteuren um Terrain zesumme schaffen a wa mer et fäerdeg kréien, dass de Publikum dobaussen eventuell Grenzen di gesat ginn och respektéiert!

Dr. Malou GRASGES
Vétérinaire